N° 72 | MEE 2026

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum

**Fëschber Gemengeblat**
Editioun Mee 2026

**Redaktioun**
Gemeng Fëschbech

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Maison Relais
Crèche
Natur- & Geopark Mëllerdall
D'Kommissioune vun der Gemeng
D'Veräiner aus der Gemeng
De Schäfferot an
D'Gemeng Fëschbech

**Layout**
Otherwise.lu

**Cover**
Luss Brosius

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Printing Ossa
Parc d'activités Syrdall
46, Rue Gabriel Lippmann
L-6947 Niederanven
www.ossa.lu

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Editioun matgeschafft huet.***

FSC
RECYCLÉ
Papier fait à partir de matériaux recyclés
FSC® C179465

PRINTED IN LUXEMBOURG

myclimate
Notre impact. Durable
Imprimerie
myclimate.org/01-24-328655

## GEMENG

Gemengerotssëtzungen 4
Matdeelungen
Iwwerschwemmungen / Inondations 6
Eng nei Gemeng fir Fëschbech 8
Sportleréierung 11
Aktivitéite ronderëm d'Gemeng
Laanscht eis Aerenz 12
Visite de courtoisie 13
Generalversammlung ORT 14

## NATUR & KLIMA

Visitt vum SEBES 16
Formatioune fir Membersgemengen 17
Insektenhotels 18
Soirée Debat Klimapakt 19
Repair Café 20
Grouss Botz 21
École du Goût 22
D'Schoulkanner planzen Uebstbeem 24

## ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

Aktivitéiten an der Angsber Schoul 28
Aktivitéiten am Kuebenascht 35
Aktivitéite bei de Kueben 37

## WAT WAR LASS?

1 Millioun an 2 Affären - Theaterveräin 40
Generalversammlung - APEF 40
Lies a Spillmoien - APEF 41
Liichtmessdag 43
Gutt gefëllte Weekend - Amicale Pompjeeë 44
Heeschen 45
Hexebal - CDJ 46
Buergbrennen 47
20 Joer Senioreveräin an Generalversammlung 48
Albinusfeier 49
Generalversammlung - Chorale 50
Generalversammlung - CDJ 51
Choucroute - Spuerveräin 51
Mir gi klibberen 52
Ouschterfeier - Amicale Pompjeeë 52
Ouschtereeërsich 2026 - APEF 53
Club des Jeunes 54

# Virwuert



Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Déi éischt Méint vum Joer sinn traditionell gepräägt vun enger Rei Generalversammlunge vun eise Veräiner. Am Allgemenge kann op e positive Bilan, wat déi finanziell Situatioun, d'Memberszuelen, d'Projeten, d'Evenementer oder den Zesummenhalt an de Veräiner ugeet, zeréckblécken. Eis Veräiner sinn e wichtege Pilier vum Gemeinschaftsliewen, an dofir wëll ech drop hiweisen, dass d'Gemeng ëmmer en oppent Ouer huet, falls en Uleies besteet.

Eis Gemeng entwéckelt sech stänneg weider – mat engem klore Fokus op Nohaltegkeet, Zesummenhalt a Liewensqualitéit. Dofir ass et wichteg, verantwortungsvoll ze handelen, fir eng liewenswäert Ëmwelt fir jiddereen ze garantéieren.

An dësem Sënn huet sech d'Gemeng den zwee Zertifizéierungssystemer FSC (Forest Stewardship Council) a PEFC (Programme for the Endorsement of Forest Certification) ugeschloss. Domat schécke mir e staarkt Signal fir eng nohalteg Bëschwirtschaft a verpflichten eis fir déi ökologesch, wirtschaftlech a sozial verantwortlech Pfleeg a Schutz vun eise Bëscher.

En anere wichtege Schrëtt ass d'Engagement vun der Initiativ "Gemengen 2030". Mat dësem Engagement verfollege mir konkret Ziler a konzentréieren eis op lokal Moossnamen, déi zu enger méi grénger, sozialer a solidarescher Zukunft bäidroen.

Parallel dozou schaffe mir aktuell un engem Resilienzplang fir eis Gemeng. D'Zil ass et, Risike fréi z'identifizéieren, se ze reduzéieren an zukünfteg Geforen ze vermeiden. Dëst beinhalt och eng richteg Virbereedung op potenziell Katastrophen: Wéi eng Moossname musse getraff ginn? Wéi kënnen d'Auswierkunge miniméiert a geréiert ginn? Schlësselkomponente vun dësem Plang sinn ënner anerem d'Waasserversuergung, d'Sensibiliséierung vun de Bierger an de Katastropheschutz.

Aktuell leeft schonn eng Héichwaasseretüd, an där analyséiert gëtt wou an eiser Gemeng d'Gefor vun Héichwaasser bei Staarkreen besteet a wéi eng präventiv Moossname kënne geholl ginn.

**A well vill Käpp bekanntlech méi wësse wéi wéineg, hat Dir, léif Awunner, Enn Mäerz schonn e Flyer dozou an der Boîte leien, wou Dir eisem Service technique bis spéitstens den 31. Mee 2026 déi Plaze matdeele kënnt, déi vun Héichwaasser betraff sinn (Säit 6).**

Och d'Infrastrukturen an eiser Gemeng gi weider ausgebaut:

Zum Beispill sinn d'Aarbechten fir eng nei Drénkwaasserleitung tëscht der Pompstatioun Débicht an dem Waasserreservoir zu Schous amgaang. Dëse Projet ass e wichtege Schrëtt fir d'laangfristeg Versuergungssécherheet ze garantéieren.

Um PAP "um Béchel" zu Angelsbierg sinn d'Infrastrukturaarbechten am gaangen. Leider kënnt et doduerch zu Verkéiersbehënnerungen a Geforen an der Rue de Mersch, déi awer net vermeidbar sinn. Mir bieden all Awunner ëm Verständnis a besonnesch an deem Beräich souwuel als Fuerer, wéi och als Foussgänger, opzepassen.

Des weideren ass d'Renovatioun vun der Strooss "am géie Wee" zu Angelsbierg a Planung an d'Ëmsetzung ass fir 2027 virgesinn.

E wonnerbaare Gemeinschaftsprojet erwaart eis zu Schous: Bei der Spillplaz "Um Bur" gëtt eng Natur-Erliefnisplaz ugeluecht. Am Summer an am Hierscht ginn Atelieren organiséiert, a Fräiwëlleger sinn häerzlech invitéiert fir matzemaachen – sief et beim Bau vun enger Dréchemauer, Hecken a Blumme planzen oder aner Aufgaben. Weider Informatioune kommen no.

Ofschléissend ass den Austausch iwwer d'Gemengegrenzen eraus och wichteg: Den 2. Februar hate mir d'Freed, déi brittesch Ambassadrice, d'Joanne Olivier, ze begréissen. Den Artikel dozou fann Dir hei am Gemengeblat.

Ech wënschen Iech vill Freed beim liesen.

*Laurent Schiltz*
*Schäffen*

# Gemengerotssëtzungen

## Séance publique du conseil communal du 11 février 2026

**Présents :** BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel et SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, DURRER Eric, FERNANDES Isabel, JAWORSKI David, OLINGER Kevin et SIMON Marc - conseillers

**Excusés :** /

À moins qu'il ne soit indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

Le conseil prend connaissance du rapport annuel « pacte climat » 2025 tel que présenté par Madame Carine Kolber.

Le conseil communal approuve les titres de recette pour l'année budgétaire 2025 d'un montant total de 822.447,29 €.

Le conseil approuve un crédit extraordinaire de 10.000 € pour le pilotage des chaudières des bâtiments communaux.

Le conseil approuve un devis concernant le renouvellement de la rue « Am Géie Wee » s'élevant à 855.000 €.

Le conseil approuve le décompte relatif à l'acquisition d'un utilitaire avec une dépense effective de 29.925,01 €.

Le conseil communal approuve le compromis de vente portant sur l'acquisition d'une emprise de 20 centiares, sise à Angelsberg, « Rue de l'Ecole ».

Le conseil approuve la convention signée avec Late Night Bus en date du 14 janvier 2026.

Le conseiller Marc Simon est nommé délégué suppléant de la commune de Fischbach au Conseil d'Administration du CIGR Mëllerdall.

Le conseil nomme Madame Sandra Dichter-Cortina en tant que nouvelle membre de la commission des bâtisses après avoir réuni la majorité absolue des suffrages.

Wann net anescht uginn, goufen déi verschidden Decisiounen eestëmmeg geholl.

De Conseil hëlt de järleche Rapport vum "Klimapakt" 2025 zur Kenntnis, wéi vun der Madamm Carine Kolber, virgestallt gouf.

De Gemengerot approuvéiert Einnamen an Héicht vun 822.447,29 € fir d'Budgetsjoer 2025.

De Rot stëmmt engem ausseruerdentleche Kredit vun 10.000 € zou fir d'Steierung vun de Heizungen an de Gemengegebaier.

De Conseil hëlt den Devis fir d'Erneierung vun der Strooss "Am Géie Wee" an Héicht vun 855.000 € un.

De Conseil approuvéiert den Decompte betreffend de Kaf vun enger Camionnette mat enger effektiver Depense vun 29.925,01 €.

De Gemengerot approuvéiert e Compromis betreffend de Kaf vun enger Emprise vun 20 Zentiar zu Angelsbierg, "Rue de l'Ecole".

De Rot stëmmt der Konventioun zou, déi den 14. Januar 2026 mat dem Late Night Bus ënnerschriwwe gouf.

De Conseiller Marc Simon gëtt zum Ersatz Delegéierten am Verwaltungsrot vum CIGR Mëllerdall ernannt.

De Conseil ernennt d'Madamm Sandra Dichter-Cortina als neie Member an der Bautekommissioun, nodeems si déi absolut Majoritéit vun de Stëmmen erreecht huet.

# Séance publique du conseil communal du 18 mars 2026

Présents : BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel et SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, DURRER Eric, FERNANDES Isabel, JAWORSKI David, OLINGER Kevin et SIMON Marc - conseillers

Excusés : /

À moins qu'il ne soit indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

Avec 6 voix positives et 2 abstentions (MM. Durrer et Jaworski), le conseil décide de reclasser une parcelle à Schoos de la zone rurale en zone villageoise, suite à une réclamation dans le cadre de la modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier (M. Simon ne prend pas part au vote).

Le conseil communal approuve en suite le projet de modification ponctuelle des parties écrite et graphique du Plan d'Aménagement Général.

Le conseil approuve le Plan d'Aménagement Particulier « Quartier Existant » élaboré par le bureau d'études LSC360 sàrl de Contern.

Le conseil communal décide de modifier certains points du Règlement sur les Bâtisses, les Voies publiques et les Sites (Les règlements peuvent être consultés sur notre site internet www.acfischbach.lu).

Avec 4 voix positives et 2 abstentions (MM. Jaworski et Moura), le conseil approuve le Plan d'Aménagement Particulier « Laang Roepper 2 » à Schoos, tel que présenté par le bureau d'urbanisme et d'aménagement Zeyen + Baumann sàrl (Mme Brosius-Kolber et MM. Brosius et Simon ne prennent pas part au vote).

Le conseil communal approuve des titres de recette à hauteur de 1.811.949,57 € pour les années budgétaires 2025 et 2026.

Wann net anescht uginn, goufen déi verschidden Decisiounen eestëmmeg geholl.

Mat 6 Stëmmen dofir an 2 Enthalungen (Häre Durrer a Jaworski), decidéiert de Conseil eng Parzell zu Schous vun der Zone rurale an d'Zone villageoise em ze klasséieren, suite vun enger Reklamatioun am Kader vun der modification ponctuelle vum PAG (Den Här Simon hellt net deel um Vote).

De Gemengerot heescht de Projet fir punktuell Ännerungen um schrëftlechen an grafeschen Deel vum Bebauungsplang gutt.

De Rot approuvéiert de PAP "Quartier Existant", dee vum Ingenieursbureau LSC360 sàrl vu Konter ausgeschafft gouf.

De Gemengerot decidéiert, verschidde Punkte vun dem Reglement iwwer d'Bauten, d'ëffentlech Weeër an d'Sitten unzepassen (D'Reglementer kënnen op eiser Internetsäit www.acfischbach.lu consultéiert ginn).


Mat 4 Stëmmen dofir an 2 Enthalungen (Häre Jaworski a Moura), approuvéiert de Conseil de PAP "Lang Roepper 2" zu Schous, esou wéi e vum Büro fir Urbanismus a Raumplanung Zeyen + Baumann sàrl virgestallt gouf (D'Madamm Brosius-Kolber an d'Häre Brosius a Simon huelen net um Vote deel).

De Gemengerot hëlt Einnamen an Héicht vun 1.811.949,57 € fir d'Budgetsjoer 2025 a 2026 un.

**Heures d'ouverture de l'administration communale le 21 mai 2026**
En raison des festivités à l'occasion de la « Joyeuse sortie », le bureau de la population est exceptionnellement fermé à partir de 15h30. Les habitants peuvent toutefois se présenter à l'administration communale jusqu'à 16h45 pour retirer leur bracelet.

**Ëffnungszäit vun der Gemeng den 21. Mee 2026**
Wéinst de Feierlechkeeten vun der "Joyeuse sortie", ass de Populatiounsbüro ausnamsweis deen Dag ab 15:30 Auer zou. D'Awunner kënnen sech bis 16:45 Auer op der Gemeng presentéiere fir hiert Bändchen ofzehuelen.

# Iwwerschwemmungen duerch Staarkreen an der Gemeng Fëschbech



*Ausschnëtt Staarkreengefohrekarten AGE / Extrait carte de danger de fortes pluies AGE (Quell/ source : geoportail.lu)*

## INONDATIONS DUES À DE FORTES PRÉCIPITATIONS DANS LA COMMUNE DE FISCHBACH

D'Gemeng Fëschbech huet decidéiert, an Zesummenaarbecht mat der Waasserwirtschaftsverwaltung (AGE) an dem Ingenieursbüro INCA, e Staarkreenkonzept fir d'Gemeng auszeschaffen. Zil vum Konzept ass et, d'Gemeng Fëschbech an der Zukunft besser géint Staarkreen ze schützen.

Als Basis fir d'Staarkreenkonzept déngen d'Staarkreenkarten um Geoportail, déi do publizéiert si fir de Bierger d'Informatiounen zur Verfügung ze stellen.

Dës Informatioune bidden eng éischt Basis fir z'iwwerpréiwen, ob d'Persounen oder d'Objeten an enger gefäerdeter Zone leien. Well awer ënner Ëmstänn net all d'Geforenzonen an de Kaarte vum Geoportail dokumentéiert sinn oder d'Situatioun um Terrain anescht ass wéi an de Kaarten duergestallt, biede mer d'Bevëlkerung em Mathëllef an dëser Analys.

Potenziell bekannt a problematesch Plaze kënnen der Gemeng gemellt ginn. Hei ass eng sou genee wéi méiglech Beschreiwung an eventuell Dokumentatioun vun de Problemer wichteg, fir kënne, wann néideg, eng zilgeriicht Planung vu Géigemoossnamen ze erméiglechen (Plaz, Datum, Fotoen, Videoen, Schied, asw.).

**D'Awunner si gebieden, der Gemeng bis spéitstens den 31.05.2026 méiglech Problemer iwwer follgend E-Mail-Adress ze mellen: technique@acfischbach.lu**

Villmools Merci fir Är Zesummenaarbecht an Ënnerstëtzung vum Konzept.

La commune de Fischbach a décidé d'élaborer un concept contre les fortes précipitations pour la commune, en collaboration avec l'administration de la gestion des eaux (AGE) luxembourgeoise et le bureau d'études INCA. L'objectif de ce concept est de mieux préparer la commune de Fischbach à l'avenir contre les fortes précipitations.

Les cartes de danger de fortes pluies publiées dans le Géoportail luxembourgeois et mises à la disposition aux citoyens via le Géoportail servent de base à l'étude des fortes précipitations.

Ces cartes offrent déjà la possibilité de vérifier si des personnes et des objets se trouvent dans une zone à risque. Il se peut que toutes les zones de danger ne soient pas documentées sur les cartes du Géoportail ou que la situation sur place soit parfois différente de ce que les cartes laissent supposer, c'est pourquoi la population est invitée ici à apporter son aide.

Les endroits potentiellement problématiques connus peuvent être communiqués à la commune. Une description aussi précise que possible et éventuellement une documentation des problèmes sont indispensables pour permettre, si nécessaire, une planification efficace des mesures (lieu, date, photos, vidéos, dommages, etc.).

**La population est priée de signaler à la commune les problèmes éventuels jusqu'au 31.05.2026 à l'adresse électronique suivante : technique@acfischbach.lu**

Merci beaucoup pour votre collaboration et votre soutien à l'élaboration du concept.

# Covoiturage op der Trottinett ?




# Natierlech net!

**POLICE**
LËTZEBUERG

All d'Reegele ronderëm d'E-Trottinett fënns du hei

# Eng nei Gemeng fir Fëschbech



Fëschbech kritt eng nei Gemeng – e Projet am Häerz vum Duerf, fir d'Bierger an no beim Bierger. Eenzelner kennen eis Gemeng nach als déi al Schoul, anerer hunn Erënnerungen un d'Kamellen déi hei am Sall nom Liichten gedeelt goufen oder denken u soss vill flott Owender ënnert Frënn. E Gebai, dat iwwert d'Zäit vill ëmgebaut gouf, mee haut net méi senger Funktioun als moderner, zukunftsorientéierter Gemeng gerecht gëtt an och net méi de Besoine vun de Léit entsprécht. Nodeems virun e puer Joer schonn een éischten Ulaf geholl gouf, fir eng nei Gemeng ënnen um Parking ze bauen – e Projet, deen aus verschiddene Grënn net weidergefouert gouf – hu mir d'Käpp elo nach eemol zesummegestach an en neie Projet ausgeschafft. Heibäi stoung am Mëttelpunkt, dat Besteeënd intelligent ze notzen a gläichzäiteg eng nohalteg Perspektiv fir d'Zukunft ze schafen. Wéi de Programm feststoung, hu mir Architektebüroen invitéiert, fir kënnen eng éischt Zeechnung ze maachen. Allgemeng sinn d'Büroe bei enger klassescher Ëmbauléisung bliwwen, wärend just ee Büro sech getraut huet, eng méi wäitgoend a visionär Approche ze presentéieren: e Projet an zwou Phasen, mat engem Neibau an engem spéidere Réckbau vun der aler Struktur. No detailléierte Presentatiounen an intensiven Diskussiounen huet de Conseil sech bewosst fir dës nohalteg Approche entscheet – eng Léisung, déi net nach eng Kéier déi al Schoul ëmbaut, mee d'Gemeng konsequent an d'Zukunft féiert. Den Architektebüro THILLENS & THILLENS ARCHITECTURE S.A. vu Schieren huet et dobäi fäerdeg bruecht, eng kloer an iwwerzeegend Visioun ze vermëttelen: eng modern an accesibel Gemeng, no beim Bierger a fir de Bierger mat enger Plaz déi funktionell, oppen a lieweg ass.



Zesumme mat hire Schwëster-firmaen dem Büro N-GINEER S.À.R.L. (Statik) an dem Büro N-ERGIE S.A. (Haustechnik) gëtt de Projet esou komplett aus enger Hand geplangt.

**E Projet, dee vum Terrain aus geduecht ass**
De Projet entwéckelt sech konsequent aus sengem Terrain eraus a respektéiert d'Besonneschkeete vum Site an all sengen Dimensiounen. D'Parzell läit am Duerf, direkt nieft der Kierch, a markéiert de Mëttelpunkt vu Fëschbech, souwuel funktionell wéi och symbolesch. Gläichzäiteg ass de Site duerch e staarken Niveausënnerscheed an enger markanter Fielswand am Hannergrond gepräägt, wat him en eenzegaartege Charakter gëtt an héich Ufuerderungen un d'Konzept stellt. Amplaz dës Gegebenheeten ze ignoréieren oder ze iwwerformen, gouf de Projet zesumme mam INPA, CGDIS a Ponts & Chaussées gezielt dorop opgebaut. D'Gebai verankert sech am Terrain, integréiert sech an d'Topografie a schaaft eng staark Relatioun tëscht dem Duerf an der Landschaft. Zudeem ginn duerch d'Architektur nei Perspektiven an Openthaltsqualitéiten geschaf, déi de Site net nëmme respektéieren, mee och weider entwéckelen an opwäerten.



**Eng Architektur déi verbënnt**
D'Architektur vum Projet setzt bewosst op d'Iddi vun der Verbindung – tëscht Plazen, Niveauen a Leit. Eng zentral Trapenhausstruktur déngt net nëmmen als intern Erschléissung, mä och als ëffentleche Passage, deen den ënneschten Deel vum Duerf mat dem iweweschten Deel bei der Kierch verbënnt. Dëst Element gëtt domat zu engem wichtege Bestanddeel vum ëffentleche Raum a schaaft eng nei Zirkulatioun duerch d'Duerf. Dobäi entsteet eng Plattforme mat Vue iwwert d'Duerf an d'Gewan, déi net nëmme funktionell ass, mee och als Openthaltsplaz déngt. D'Volumetrie vum Gebai bleift dobäi roueg a kloer. Si orientéiert sech un den Héichtelinne vum Terrain a passt sech natierlech an d'Duerfbild an, ouni a Konkurrenz mat der Kierch oder de bestoende Haiser ze trieden. De Projet ergänzt seng Ëmgéigend op eng respektvoll a selbstverständlech Manéier a stäerkt domat d'Identitéit vum Duerfkär.

**Staark Fundamenter – och am iwwerdroene Sënn**
Hannert dëser Architektur steet eng staark Ingenieursleeschtung, déi de komplexe Bedéngunge vum Site Rechnung dréit an d'Basis fir e laangfristeg a nohaltegt Gebai schaaft. Fiels, Niveausënnerscheeder an d'Noperschaft vu bestoende Gebaier erfuerdere präzis a sécher Léisungen, déi bis an den Detail duerchduecht sinn.

Fir d'Stabilitéit vum Gebai ze garantéieren, gi Mikropieux'en agesat, déi de Bau déif am Buedem verankeren an eng zouverlässeg Fondatioun garantéieren. Wärend der Bauphase musse speziell Ofstëtzungsmoossname geholl gi, fir déi bestoend Strukturen ze schützen an all Risiko fir Nopeschgebaier auszeschléissen. D'Gebai selwer baséiert op enger monolithescher Bauweis mat héijer thermescher Inertie. Eng duebel Rei aus isoléierte Baubléck späicheren d'Hëtzt a gi se lues nees of, wat fir e stabilt a komfortabelt Raumklima suergt. Dëst ass net nëmmen eng technesch, mee och eng nohalteg Entscheedung, well se den Energieverbrauch reduzéiert an d'Openthaltsqualitéit verbessert.

**Eng modern Technik – onsiichtbar, mee spierbar**

D'Gebai setzt op modern, energieeffizient Technik, déi am Alldag kaum siichtbar ass, mee kloer spierbar. Wärmepompelen iwwerhëlt d'Heizung an d'Killung an erméiglecht eng optimal Effizienz iwwert dat ganzt Joer. Eng intelligent Belëftungsanlag passt sech permanent un d'Notzung vun de Raim un. Sensoren iwwerwaachen d'Loftqualitéit a reguléieren d'Systemer esou, datt ëmmer optimal Konditioune bestinn. Doduerch gëtt och nëmmen déi Energie verbraucht, déi wierklech néideg ass, ouni Komfortverloscht. Zesumme mat der monolithescher Bauweis entsteet esou e Gebai, dat am Summer agreabel kill bleift an am Wanter effizient gehëtzt gëtt – eng Léisung, déi Komfort, Effizienz an Nohaltegkeet intelligent verbënnt.

**E Projet an Etappen – ouni Ënnerbriechung fir d'Bierger**

De Projet gëtt bewosst an Etappen ëmgesat, fir d'Fonctionnement vun der Gemeng zu all Moment ze garantéieren an d'Bierger net ze benodeelegen. An enger éischter Phas entsteet dat neit Gebai, wärend déi aktuell Gemeng weider normal funktionéiere kann.

Eréischt nodeems den neie Bau fäerdeg ass, gëtt déi al Struktur zeréckgebaut, fir Plaz fir de Festsall ze maachen. Dës kloer Phaséierung erlaabt e gutt organiséierte Bauoflaf, reduzéiert d'Onbequeemlechkeeten op e Minimum a weist, datt och an der Ëmsetzung d'Bedierfnesser vun de Leit am Mëttelpunkt stinn.

**E Gebai dat lieft**

Déi nei Gemeng versteet sech net nëmmen als Administratioun, mee als Liewensraum fir d'Duerf an seng Bierger. Kloer strukturéiert Raim maachen et einfach, sech z'orientéieren, a suerge fir eng intuitiv Notzung vum Gebai. D'Servicer si gutt accessibel organiséiert, d'Büroe sinn hell, agreabel a funktionell gestalt. An enger zweeter Phas entsteet op der Plaz vun der aktueller Gemeng e Festsall, deen als wichtege Bestanddeel vum Duerfliewe konzipéiert ass. Hei kënne Reuniounen, Feierlechkeeten a kulturell Manifestatioune stattfannen. Mat Comptoir, Kichen an der néideger Infrastruktur gëtt eng flexibel an attraktiv Plaz geschaf, déi fir vill verschidde Situatioune genotzt ka ginn. Dëst mécht d'Gemeng zu engem richtege Mëttelpunkt: eng Plaz fir Administratioun, mee och fir Gemeinschaft, Austausch a Liewen.

**Eng nei Mëtt fir Fëschbech**

Mat dësem Projet investéiert Fëschbech gezielt an seng Zukunft an an d'Zesummeliewe vun de Bierger. Et entsteet net nëmmen en neit administratiivt Gebai, mee eng Plaz, déi d'Duerfliewen aktiv stäerkt an nei Méiglechkeeten opmécht. D'Gemeng gëtt zu enger moderner, oppener a lieweger Struktur, déi sech un de Besoine vun haut a muer orientéiert. Si verbënnt Funktioun, Qualitéit an Identitéit a gëtt esou zu enger neier Mëtt fir Fëschbech – eng Plaz, wou och an Zukunft nach vill flott Momenter an Erënnerunge wäerten entstoen.





# Sportleréierung

## MÉRITE SPORTIF

22.06.2026

**Un all eis Sportlerinnen a Sportler**

Mir wëllen um Virowend vun Nationalfeierdag d'Sportlerinnen a Sportler éieren, déi an enger oder méi Sportaarten aussergewéinlech Resultater virweise kënnen, an an der Gemeng Fëschbech wunnen.

Dofir biede mir Iech eist "Règlement relatif à l'octroi d'une récompense aux sportifs méritants" op der Homepage vun der Gemeng ze consultéieren an Är Resultater a Leeschtunge vun der leschter Saison, zesumme mat eng, zwou Fotoen, bis spéitstens den 1. Juni 2026 op secretariat@acfischbach.lu ze schécken.

Mat sportleche Gréiss,
De Schäfferot



**À tous/tes nos sportifs/ves**

À la veille de la fête nationale, nous voulons mettre à l'honneur les sportifs/ves qui peuvent montrer des résultats exceptionnels dans un ou plusieurs sports, et qui habitent à la commune de Fischbach.

Ainsi, nous les invitons de consulter notre « Règlement relatif à l'octroi d'une récompense aux sportifs méritants » sur le site web communal et de communiquer leurs résultats et exploits, avec une ou deux photos, de la Saison passée à secretariat@acfischbach.lu jusqu'au 1er juin 2026 au plus tard.

Avec nos salutations sportives,
Le collège échevinal



# Office social Commun Larochette

## FISCHBACH – HEFFINGEN – LAROCHETTE – NOMMERN – WALDBILLIG – VALLÉE DE L'ERNZ




**Nos missions principales**

- Information et soutien
- Orientation vers des services adaptées
- Accompagnement dans les démarches administratives
- Demande d'aides financières

**Heures d'ouverture**
Du lundi au vendredi : 8h00 – 12h30 et de 13h00 – 16h30
*Consultation sur rendez-vous*

**Prise de contact**
T 26 87 00 23
info@osclarochette.lu

**Adresse**
6, rue de Medernach
L- 7619 Larochette



# Laanscht eis Aerenz

**12-23.01.2026 FËSCHBECH**

Vum 12. bis den 23. Januar konnt een an der Fëschber Gemeng d'Pop-Up-Ausstellung „Laanscht eis Aerenz" entdecken, déi am Kader vun engem LEADER-Mini-Projet realiséiert gouf. Et ass eng Wanderausstellung, déi gréisstendeels vum Bob Bintz vu Miedernach zesummegedroe gouf. Dofir war se viru Fëschbech schonn zu Miedernach ze gesinn a gëtt deemnächst och an der Gemeng Jonglënster presentéiert, fir all déi, déi se nach wëlle kucke goen. Vill vun Iech, ewéi och Schoulklassen, haten de Wee an d'Gemengenhaus fonnt, fir dës Ausstellung ze kucken. Sie huet eng villfälteg Sammlung vun historeschen Objeten, perséinleche Souveniren an Alldagsgéigestänn presentéiert, déi all eng Geschicht aus eiser Regioun erzielen.











# Visite de courtoisie

**02.02.2026 FËSCHBECH**

Den 2. Februar hat d'Gemeng Fëschbech d'Éier, déi brittesch Ambassadrice Joanne Olivier ze empfänken. Si gouf am Gemengenhaus vum Buergermeeschter Luss Brosius an dem Schäffe Laurent Schiltz wëllkomm geheescht, déi hir bei där Geleeënheet eng Präsentatioun vun eiser Gemeng gemaach hunn.

Am Kader vum Besuch stoung och eng Visitt vun der Fëschber Kierch um Programm. Den Här Hubert Lanckohr huet eis an der Kierch begréisst an d'Chantal Fohl huet der Madamm Olivier d'Entstoe vun der Kierch an d'Bedeitung vun de Kierchefënster erklärt an dobäi op hiren historesche Wäert a Verbonnenheet zur groussherzoglecher Famill higewisen.

De Besuch huet an enger frëndlecher Atmosphär stattfonnt an huet den Austausch tëscht der brittescher Ambassade an der Gemeng Fëschbech gestäerkt.



# Generalversammlung ORT

**HORESCA WIEDER MITGLIED BEIM ORT** **26.03.2026 IECHTERNACH**



Am Donnerstag, den 26. März, fand in Echternach die ordentliche Generalversammlung des Tourismusverbandes der Region Müllerthal – Kleine Luxemburger Schweiz statt.

Präsidentin Carole Hartmann begrüßte alle Anwesenden und freute sich, dass der Konferenzraum der Jugendherberge bis auf den letzten Platz besetzt war. Sie lobte die Arbeit und die positive Dynamik des ganzen ORT-Teams, bedankt sich auch bei allen Ehrenamtlichen, die im Tourismus der Region mitarbeiten.

Carole Hartmann erläuterte, dass seit einiger Zeit Gespräche mit den Verantwortlichen vom Wirtschaftsministerium - Generaldirektion Tourismus und von Luxembourg for Tourism zum Thema „LFT Regio" geführt werden. In engem Austausch mit den Mitgliedern des ORT soll dieser Prozess weiterlaufen, ob die Region Müllerthal auf den Weg wie schon das ORT Éislek gehen wird. Die regionale Identität soll auch damit in Zukunft weiter behalten und gestärkt werden.

Die Präsidentin verwies auf das Netzwerk der Mullerthal Trail Partner, das 57 Partner zählt und dem auch immer mehr Betriebe, vor allem auch Restaurants, beitreten würden. Umso mehr freute es sie, dass die HORESCA, die einige Jahre nicht mehr Mitglied des ORT war, jetzt wieder einen Vertreter im Verwaltungsrat des ORT habe.

Die Geschäftsführerin Linda Salentin ging auf die Aktivitäten von 2025 ein und stellte die geplanten Projekte von 2026 vor. Die stellvertretende Geschäftsführerin, Konstanze Liskow, stellte den Finanzbericht 2025 und das Budget für 2026 vor, bevor Schatzmeister Gilles Stoffel von den Jugendherbergen um die Entlastung des Verwaltungsrats für die Geschäftsführung im vergangenen Geschäftsjahr bat.

Zum Schluss beglückwünschte der Vertreter des Wirtschaftsministeriums- Generaldirektion Tourismus, Luis Soares, den Tourismusverband für die geleistete Arbeit. Er lobte die ausgezeichnete Vernetzung in der Region mit allen Partnern und wünschte dem ORT ein erfolgreiches Jahr 2026.

© ORT MPSL



Naturpark Mëllerdall Geopark

unesco Global Geopark

# Mëllerdall Days 30.05.-9.06.




- **Kinder- & Familienaktivitäten**
  *Activités pour enfants & familles*
- **Vorträge** | *conférences* (LU)
- **Film „La Promesse verte“** (FR)
  › **3.06.** ⚲ **Echternach**
- **Besichtigungen & Wanderungen**
  *Visites & randonnées*
- **Outdoor Yoga**
  › **2.06.** ⚲ **Beaufort Castles**
- **Picknick mit lokalen Produkten & immersive Theaterperformance**
  *Pique-nique aux produits locaux & performance théâtrale immersive*
  › **7.06.** ⚲ **Rosport**

Mehr Infos unter
Plus d'infos sur
Further information

Mëllerdaller · CARRIERE ERNZEN · MUSÉE TUDOR · Ciné Sura ... Ihr Kino in Echternach · Textil Musée · ZLS · NaturPakt · ZENAPA

**www.naturpark-mellerdall.lu** naturparkmellerdall

# Visitt vum SEBES


**WAASSER ALS GEMEINSAM VERANTWORTUNG** **17.01.2026 ESCHDUERF**




No der Visitt vum neien interkommunalen Drénkwaasserreseau FiLaNo-Eau am leschte Joer, si Membere vum Klimateam Fëschbech zesumme mat hirem Klimaschäffe de 17. Januar 2026 op eng Visitt beim SEBES (Syndicat des eaux du barrage d'Esch-sur-Sûre) zu Eschduerf gefuer. Dës Visitt gouf organiséiert vum regionale Klimateam vum Uelzechtdall. D'Participatioun vu Fëschbech ënnersträicht soumat d'Wichtegkeet vun engem interkommunalen Austausch ronderëm d'Theme Waasser a Klima. Zu Eschduerf konnten d'Participanten d'Ausstellung vum SEBES entdecken an de Wee vum Drénkwaasser verfollegen. D'Visitt huet gewisen, wéi vill techneschen Opwand a Fachwëssen néideg sinn, fir eng héich Qualitéit an eng sécher Versuergung mat Drénkwaasser am Land ze garantéieren. Dës Visitten ënnersträichen, wéi wichteg et ass, Waasser net als Selbstverständlechkeet ze gesinn, mee als wäertvoll Ressource, déi mir iwwer Gemengegrenzen ewech verantwortungsvoll musse schützen. Den Austausch tëscht Bierger, Gemengen an Acteuren aus dem Waassersecteur spillt dobäi eng zentral Roll, besonnesch am Kontext vum Klimawandel.

Klimateam





# Formatioune fir Membersgemengen

**05.02.2026 BEEFORT**

Och dëst Joer hu mir nees eng Rei u Formatioune fir eis Membersgemenge geplangt. Mat der Ënnerstëtzung vum Tom Dall'Armellina vum SIAS, huet sech an der éischter Formatioun alles ronderëm Beem an Hecken an den Uertschafte gedréint.

D'Beem am bewunnte Raum stinn ëmmer méi ënner Drock. Dofir si verschidde Faktore verantwortlech, wéi zum Beispill d'Versigelung vu Flächen. Extrem Wiederkonditioune wéi Hëtzt, Dréchent oder Staarkreen spillen hei awer och eng grouss Roll. Duerch de Klimawandel mussen och eis Beem an Hecke mat neien Ufuerderungen eens ginn.



Nieft der fachgerechter Planzung a Fleeg, ass déi richteg Planung den A an O fir dësen neien Ufuerderungen entgéint ze kommen. Leider ginn dës Aspekter bei der Planung dacks net beduecht. Hei e puer Beispiller:

- Ass Waasser verfügbar?
- Ass genuch Plaz fir d'Wuerzele virgesinn?
- Wéi ass de Buedem, verdicht oder duerchlëft?
- Wéi vill Luucht ass verfügbar a wéi waarm gëtt et um Standuert?
- Wéi ass d'Notzung vum Standuert?

Wa verschidden Aspekter net kënnen erfëllt ginn, muss een sech ëmmer d'Fro stellen, op eng Planzung op deem Standuert Sënn mécht. Wärend der Formatioun hu mir eis och déi klimatesch, ekologesch, sozial a gesondheetlech Funktiounen, déi d'Beem erfëllen, ugekuckt. Mir soen all de Gemengenaarbechter déi present waren e grousse Merci fir hiren Interessi un dëser Formatioun.

Natur – & Geopark Mëllerdall



# Insektenhotels richtig befüllen

26.02.2026 **BEEFORT**

**Im Rahmen des Projekts „D'Naturparken zu Lëtzebuerg – (een) Insekteräich" des Natur- & Geoparks Mëllerdall fand Ende Februar in Zusammenarbeit mit dem Naturpakt eine praxisorientierte Fortbildung für Gemeindepersonal statt. Im Mittelpunkt stand das fachgerechte Befüllen von Nisthilfen für Wildbienen und deren Lebensraumansprüche. Die Veranstaltung ist Teil einer fortlaufenden Schulungsreihe.**



*An der Fortbildung nahm Gemeindepersonal aus verschiedenen Mitgliedsgemeinden des Natur- & Geopark Mëllerdall teil. ©NGPM_Maurice Schilling*

Die Gemeinde Fischbach engagiert sich bereits seit mehreren Jahren aktiv im Insektenschutz. Durch die naturnahe Gestaltung ihrer Grünflächen sowie die Installation von Insektennisthilfen schafft sie wertvolle Lebensräume, in denen Insekten sowohl Nahrungsquellen als auch geeignete Nistmöglichkeiten finden.

Um die fachgerechte Pflege und Wartung der aufgestellten Nisthilfen langfristig sicherzustellen, nahmen zwei Gemeindemitarbeiter an der Fortbildung teil.

Im Baumarkt erhältliche Nisthilfen sind meist mit ungeeignetem Material befüllt, welches von Wildbienen nicht angenommen wird. Hierzu zählen Tannenzapfen, loses Stroh, Schneckenhäuser, Nadelholz und im Stammholz angebohrtes Holz. Für eine Befüllung geeignet sind z.B. im Längsholz angebohrtes Hartholz (Eiche, Buche, Robinie...), hohle Pflanzenstängel (Bambus- oder Schilfstängel) und Strangfalzziegel. Weitere Informationen über Insektenschutz und eine Anleitung zum Befüllen von Nisthilfen finden Sie unter www.insekten.lu.

Diese Fortbildung wurde durch das Ministerium für Umwelt, Klima und Biodiversität finanziert.



*In der Rue du Berger wurde ein insektenfreundlicher Saum angelegt. ©NGPM_Maurice_Schilling*



*Zwei Nisthilfen in der Nähe der Maison Relais in Angelsberg. ©photostudioC.Bosseler*



*Mit den richtigen Handgriffen und der passenden Materialauswahl wird Insektenschutz kinderleicht. ©NGPM_Maurice_Schilling*



Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité
Naturpark Mëllerdall Geopark
NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur
D'Naturparken zu Lëtzebuerg
... een Insekteräich

# Soirée Debat Klimapakt

## A WAT, WA MIR IWWER EIS RESSOURCË SCHWÄTZEN? 06.03.2026 SCHOUS

**Owendsdebatt/Panel iwwert Stroum an Offall**



Zesumme mat de Gemenge Fiels an Noumer, huet Fëschbech de 06. Mäerz zu Schous am Veräinshaus eng Owendsdebatt organiséiert, déi d'Méiglechkeeten an Erausfuerderungen an de Beräicher Energie, Netzinfrastrukturen an Offall behandelt huet.

D'Evenement gouf moderéiert vum Yves-Patrick Settelmeier, mat der Ënnerstëtzung vum Buergermeeschter a Klimaschäffen Lucien Brosius souwéi dem Klimateam vun der Gemeng Fëschbech, dat mat sengem Engagement a senger Virbereedung fir ë gelongenen Owend gesuergt huet. Dës Owendsdebatt konnt op d'Expertise vun eise Referentinnen a Referenten zeréckgräifen:

- Peggy Zeimes, Ingénieure-Directeur SIDEC
- Nina Weicherding, Conseillère en transition énergétique Klima-Agence
- Laurence Zenner, Administratrice déléguée CEO Creos Luxembourg
- Claude Simon, Head of BU Energy Sales Luxembourg Enovos Luxembourg
- Georges Reding, Service des énergies renouvelables Ministère de l'Économie - Luxembourg

D'Gäscht hunn duerch hir Kompetenzen, hir Transparenz an d'Bereetschaft fir d'Biergerinnen a Bierger iwwer Aktiounen an Informatiounen opzeklären, zu engem reegen Austausch bäigedroen. Dësen Owend huet nach eng Kéier gewisen, dass d'Verstoe vun eise Ressourcen, d'Froen doriwwer an eng oppen Diskussioun wichteg Schrëtt sinn, fir d'Resilienz vun eise Gemengen ze stäerken a fir eng nohalteg Zukunft ze plangen.

Klimateam





# Repair Café

**07.03.2026 SCHOUS**

Am Kader vu sengem Engagement fir nohalteg Initiativen huet d'Gemenge Fëschbech zesumme mat de Gemengen Fiels a Noumer e Repair Café organiséiert. D'Natur- & Geopark Mëllerdall Repairer waren e ganzen Nomëtten zu Schous am Veräinshaus am Asaz, fir d'Biergerinnen a Bierger beim Reparéiere vun hire futtisse Géigestänn ze ënnerstëtzen.

D'Klimateam vun der Gemeng Fëschbech an de VC FILANO hunn d'Evenement begleet, d'Participanten empfaangen a mat Gedrénks a Kuch versuergt. Am Ganzen hunn 13 Persounen deelgeholl: 7 Artikele konnte gefléckt ginn, déi aner waren entweder net reparéierbar oder et hun déi néideg Ersatzdeeler gefeelt. D'Majoritéit vun de Bierger (ronn 90 %) koumen aus der Gemeng Fëschbech.

Dëse Repair Café huet nach eng Kéier gewisen, wéi wichteg et ass, Ressourcen ze spueren an den Nohaltegkeetsgedanken am Alldag ëmzesetzen. D'Evenement huet net nëmme Reparaturfäegkeeten demonstréiert, mä och d'Gemeinschaft gestäerkt a Leit d'Méiglechkeet ginn, sech auszetauschen.

Klimateam












# Grouss Botz

**21.03.2026 GEMENG FËSCHBECH**

Dëst Joer huet Naturpakt-Team vun der Fëschber Gemeng den 21. Mäerz déi grouss Botz organiséiert. Bei guddem Wieder haten sech nees vill engagéiert Biergerinnen a Bierger zu Schous getraff, fir vun do aus laanscht eis Stroossen a Weeër de Knascht opzerafen.

Fir hinnen no der Botzaktioun Merci ze soen, huet d'Gemeng an de Café Angelstuff op eng gutt Ham mat Fritten an Zalot invitéiert.









# École du Goût

**Die École du Goût ist ein interdisziplinäres Projekt im Bereich der Ernährungs- und Verbraucherbildung, das Menschen jeden Alters einen Zugang zu einer gesunden und nachhaltigen Esskultur ermöglicht. Besonderer Wert wird dabei auf die Verwendung saisonaler und regionaler Produkte gelegt. Die École du Goût ist ein gemeinsames Projekt der Naturparke Our, Öewersauer und dem Natur- & Geopark Mëllerdall. Weitere Informationen finden Sie unter ecoledugout.lu.**

## RADIESCHEN - KLEIN ABER VOLLER GESCHMACK

Radieschen sind ein echtes Frühlingsgemüse: Ab März haben die kleinen Knollen mit ihrer runden oder länglichen Form, der weißen Spitze und der leuchtend rosa bis roten Schale Saison. Beim Reinbeißen überzeugen sie mit einer knackigen Textur sowie einem frischen, leicht scharfen Aroma. Besonders Freilandradieschen entwickeln oft eine intensivere Schärfe als Exemplare aus dem Gewächshaus, da sie langsamer wachsen und dadurch mehr Senföle bilden – jene Stoffe, die für die typische Würze verantwortlich sind. Auch Bodenqualität und Sonneneinstrahlung beeinflussen den Geschmack.

Mit nur etwa 11 Kilokalorien pro 100 Gramm (Anes-Ciqual table de composition 2025) sind Radieschen äußerst kalorienarm und eignen sich hervorragend als leichter Snack im Rahmen einer bewussten Ernährung.

Trotz ihres geringen Kaloriengehalts liefern sie wertvolle Nährstoffe. Hervorzuheben sind Kalium, Vitamin K und Vitamin C. Kalium unterstützt den Wasserhaushalt sowie die Funktion von Muskeln und Nerven. Vitamin K ist wichtig für die Blutgerinnung, während Vitamin C antioxidativ wirkt und den Körper schützt.

**Mehr als nur zum Knabbern**
Vor dem Verzehr sollten Radieschen gründlich gewaschen, trocken getupft und von Stielen sowie Wurzelspitzen befreit werden. Sie schmecken pur, mit etwas Öl oder einem Frischkäsedip. Je nach Rezept lassen sie sich in Scheiben schneiden, vierteln, hacken oder raspeln und verleihen Salaten Farbe und Würze. Gedünstet, zum Beispiel zusammen mit grünen Bohnen, Erbsen oder Zuckerschoten, passen sie hervorragend zu Fisch- oder Fleischgerichten und sorgen für eine frische Note.



**Wussten Sie schon?**
Radieschenblätter sind viel zu schade zum Wegwerfen – sie sind essbar und aromatisch. Nach gründlichem Waschen und Trocknen können sie in Streifen geschnitten oder gehackt werden. In der Pfanne wie Spinat zubereitet, als Suppeneinlage, im Salat oder als Pesto genutzt, helfen sie ganz einfach, Lebensmittelabfälle zu vermeiden und den Radieschenbund vollständig zu verwerten.

**Richtig lagern**
In ein feuchtes Tuch gewickelt halten sich Radieschen bis zu einer Woche im Kühlschrank. Empfehlenswert ist es, die Blätter vorher zu entfernen, da sie sonst schneller welken und den Knollen Feuchtigkeit entziehen.



*Photo: Béatrice Casagranda*

naturpark.lu
Öewersauer · Our · Mëllerdall

École du Goût

## FRISCHER RADIESCHEN-BLÄTTER PESTO



**Zutaten für 4 Personen**

| | |
|---|---|
| 2 | Bund frische Radieschen mit Blätter |
| 3 EL | Nussöl |
| 3 EL | Sonnenblumenöl |
| 20 g | Kürbiskerne |
| 25 g | Haselnüsse |
| 40 g | regionaler Ziegenhartkäse |
| 1 | Knoblauchzehe |
| ½ | Zitrone |
| | Salz und Pfeffer |

**Zubereitung**

Kürbiskerne und Haselnüsse in einer Pfanne ohne Fett kurz rösten und abkühlen lassen.
Knoblauch schälen, grob hacken und die Zitrone auspressen.
Die Blätter von den Radieschen abschneiden, waschen, abtrocknen und mit allen Zutaten in ein hohes Gefäß geben.
Mit dem Stabmixer fein pürieren, bis eine geschmeidige Konsistenz entsteht.
Falls nötig, mit etwas mehr Zitronensaft oder Wasser verdünnen.
Mit Salz und Pfeffer abschmecken.

*Tipp: Als Dip zu Gemüsestreifen, als Brotaufstrich oder zu Pasta reichen.*

naturpark.lu
Öewersauer · Our · Mëllerdall

École du Goût

# D'Schoulkanner planzen Uebstbeem

**23&26.03.2026 ANGELSBIERG & FËSCHBECH**





Den 23. Mäerz 2026 hunn d'Kanner mat hirem Léierpersonal aus der Angsber Schoul eis äifreg mat Spuet an Heel gehollef fir 17 nei Uebstbeem (Äppel- a Quetschebeem) zu Angelsbierg an der Wiss vun der Famill Holzmacher ze planzen. Dëst wor de Cycle 4.1 matt de Léierinnen Sarah Kolber a Lisa Pansin, déi sech där Saach bei beschtem Planzwieder ugeholl huet. Eise Buergermeeschter huet et sech net huele gelooss a wor och hëllefe komm fir déi Beem an de Buedem ze kréien.

Nom ville Schaffe waren d'Kanner wei ëmmer gutt hongreg a kruten nach e Stéck Kuch, deen d'Kanner selwer gebak haten a Viz ze drénke fir sech nees ze stäerken. De Kuch huet jidderengem extra gutt geschmaacht!



Des Weideren hu mir de 26. Mäerz 2026 11 Äppelbeem op der Schmëtt zu Fëschbech matt Hëllef vun der Léierin Lara Papillo an hire Schoulkanner aus dem Cycle 4.2 geplanzt. Och hei kruten d'Kanner eng Stäerkung nom schaffen.

D'Begeeschterung bei all de Kanner wor wei ëmmer ganz grouss, a si hu gutt matgeschafft. Mir soe villmools Merci fir d'Hëllef!

Wéi och schonn déi lescht Joren huet eis Gemeng e Budget vun 10.000 Euro fir 2026 gestëmmt fir Bongerteprojeten ze ënnerstëtzen. Dës Sue streckt d'Gemeng deemno vir, an da ginn duerno 70-75 % Subside vum Staat iwwert déi Biologesch Statioun vum Natur - & Geopark Mëllerdall zeréckgefrot. De Rescht, also deemno déi aner 25-30 %, leet d'Gemeng bäi.

Text a Fotoen: Molitor Olivier





LEADER
MËLLERDALL

# Mini-Projeten an de Beräicher *Kultur & Tourismus* gesicht!

Dir hutt eng flott Iddi fir e klenge Projet an Ärer Gemeng oder an der Regioun Mëllerdall?

Am Kader vum Umbrella-Projet ënnerstëtzt de LEADER Mëllerdall kleng Projeten an Initiativen.

**Thema:**
**Kultur & Tourismus**

**Subside vu bis zu 4.000€ pro Mini-Projet!**

**Dir kënnt Är Iddi areeche bis den 04. September 2026**

**Start vun de Projeten: ab Oktober 2026**

**Maximal Lafzäit: 1 Joer**

**SCAN MECH!**

Hutt Dir nach Froen?
Da kontaktéiert gären eise Büro!

**LEADER Mëllerdall**
**T: 26 72 16 30**
**mellerdall@leader.lu**
**www.leader.lu/mellerdall**

Cofinancé par l'Union européenne

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture

Gemeng Fëschbech




# Strom teilen: So nutze ich optimal meine erneuerbare Stromproduktion

Erneuerbare Energien sind eine nachhaltige Lösung für unsere Stromversorgung. Doch nicht jeder kann eine eigene Photovoltaikanlage installieren. Hier bietet das Teilen vom Strom eine interessante Möglichkeit: Sie ermöglichen es Bürgern, einzeln oder gemeinsam erzeugten Strom effizient zu nutzen und so ihre Kosten zu senken.

In diesem Zusammenhang gibt es 3 Modelle für den Verbrauch des erzeugten Stroms:

1. **Individueller Eigenverbrauch:** Der von der Solaranlage erzeugte Strom wird selbst genutzt. Überschüsse werden ins Netz eingespeist, wobei der Schwerpunkt auf der Maximierung des Eigenverbrauchs liegt.
2. **Kollektiver Eigenverbrauch:** Mehrere Abnehmer in direkter Nähe teilen den erzeugten Strom. Dies kann zum Beispiel bei Mehrfamilienhäusern interessant sein, da es die Nutzung des Solarstroms erhöht.
3. **Energiegemeinschaften:** Energiegemeinschaften gehen über den kollektiven Eigenverbrauch hinaus. Sie ermöglichen es, lokal oder regional erzeugten Strom mit anderen Verbrauchern zu teilen.

**Was ist eine Energiegemeinschaft?**

Energiegemeinschaften sind Zusammenschlüsse von Personen, die gemeinsam Strom produzieren, nutzen und untereinander handeln. Erzeuger, die in Photovoltaik-Anlagen investieren, können so überschüssigen Strom an andere Mitglieder der Gemeinschaft verkaufen oder sich mit anderen Erzeugern zusammenschließen, um eine bessere Nutzung des Solarstroms und eine erhöhte Rentabilität der Anlage zu erreichen.

Für die Gründung einer Energiegemeinschaft sind nur wenige Schritte nötig: Die Mitglieder schließen sich in einer Gesellschaft zusammen, regeln die finanziellen Rahmenbedingungen und schließen ein Abkommen mit dem Netzbetreiber.

Technische Änderungen an den Anlagen müssen nicht vorgenommen werden. Zwei Varianten von Energiegemeinschaften stehen zur Auswahl:

- **Lokale Energiegemeinschaft:** Strom wird zwischen Teilnehmern ausgetauscht, die maximal 300 Meter voneinander entfernt sind. Die Netznutzungsgebühren (Netztarif) entfallen.
- **Nationale Energiegemeinschaft:** Mitglieder können unabhängig vom Standort teilnehmen, allerdings fallen für den Verbrauch die üblichen Netztarife an.

Mehr Informationen unter **klima-agence.lu/de/energiegemeinschaft** oder wenden Sie sich an Ihren Klima-Agence-Berater, um Ihr Projekt zur Erzeugung erneuerbarer Energie erfolgreich umzusetzen.

klima agence

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Unabhängige und kostenlose Beratung**
klima-agence.lu • 8002 11 90

Gemeng Fëschbech



Co-funded by the European Union

# Partage de l’électricité : une utilisation optimale de ma production d’électricité renouvelable

Les énergies renouvelables constituent une solution durable pour l’approvisionnement en électricité. Toutefois, une installation solaire individuelle n’est pas envisageable pour tous. Le partage d’électricité offre une alternative intéressante : les citoyens peuvent ainsi utiliser l’électricité produite collectivement et réduire ainsi leurs coûts.

Dans cette optique, il existe trois modèles de consommation de l’électricité produite :

1. **L’autoconsommation individuelle** consiste à utiliser directement l’électricité produite par une installation solaire. Le surplus est injecté dans le réseau, avec pour objectif principal de maximiser sa propre consommation
2. **Autoconsommation collective :** l’électricité produite par une installation solaire est partagée entre plusieurs consommateurs situés à proximité immédiate. Cela peut être intéressant, par exemple, pour les immeubles à appartements, car cela optimise l’utilisation de l’électricité solaire.
3. **Communautés énergétiques :** les communautés énergétiques vont au-delà de l’autoconsommation collective, elles permettent de partager l’électricité produite localement ou régionalement avec d’autres consommateurs.

**Qu’est-ce qu’une communauté énergétique ?**

Les communautés énergétiques sont des regroupements de personnes qui produisent, utilisent et se vendent mutuellement de l’électricité. Les producteurs qui investissent dans des installations photovoltaïques peuvent ainsi vendre leur surplus d’électricité à d’autres membres de la communauté ou s’associer à d’autres producteurs afin de mieux utiliser l’électricité solaire et d’augmenter la rentabilité de l’installation.

La création d’une communauté énergétique se fait en quelques étapes seulement : les membres s’associent pour former une société, règlent les conditions financières et concluent un accord avec le gestionnaire de réseau. Il n’est pas nécessaire d’apporter des modifications techniques aux installations.

Il existe deux types de communautés énergétiques :

- **communauté énergétique locale :** l’électricité est échangée entre les participants qui sont distants de 300 mètres maximum les uns des autres. Il n’y a pas de frais d’utilisation du réseau (tarif réseau).
- **communauté énergétique nationale :** les membres peuvent participer indépendamment de leur emplacement, mais les frais usuels d’utilisation du réseau s’appliquent.

Retrouvez plus d’informations sur **klima-agence.lu/communaute-energetique** ou contactez votre conseiller Klima-Agence pour réussir votre projet de production d’électricité renouvelable.

klima agence

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG


**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 8002 11 90

# Äispist



Enn Februar war et rëm souwäit. D'Angsber Schoul ass wéi all Joers op d'Äispist gefuer! Mir sinn all gesond a monter zeréckkomm an haten ee ganz flotte Moien! Mir soen der Gemeng ënnert anerem och Merci fir dee gudde Schocki!







# Ausfluch op de Misäershaff



Den 3. Dezember 2025 sinn d'Spillschoulskanner aus dem Cycle 1 mam Bus op de Misärshaff gefuer. Zesumme mam Lynn vun der FNEL hunn si do flott Aktivitéiten a Spiller gemaach. Alles huet sech em dem Wiichtel Zéiwezéif seng séiss Spuer gedréint. Si hunn Nëss verstoppt a gesicht, eppes iwwer d'Déieren am Bësch geléiert an Noss-Fladebrout um Feier gebak. Si ware kreativ mat Naturmaterialien a mëttes gouf et eng lecker Zopp an ee Wupp. Ei wat ee schéinen Dag.







# Ausfluch SEBES a Schiefermusée














# Austellung Laanscht eis Aerenz





# Bauerenhaff

D'Kanner aus dem Précoce vun Angelsbierg haten de 17. Mäerz 2026 eng flott an erliefnesräich Sortie op de Bauerenhaff op Waldbëlleg. Mat vill Virwëtz hunn si d'Liewen um Bauerenhaff entdeckt an duerften och selwer mat upaken. Et war fir vill Kanner eng spannend Erfahrung, déi si net esou séier vergiessen. Als Iwwerraschung ass och nach den Ouschterhues op Besuch komm, wat fir grouss Begeeschterung gesuergt huet.







# Léieren am Gaart

D'Kanner aus dem Cycle 1 waren och ganz fleisseg an hunn sech ëm d'Hochbeeter gekëmmert. Mat vill Asaz hunn si dës gebotzt, nei mat frëschem Buedem befëllt an uschléissend geséit. Mat vill Freed a Motivatioun waren d'Kanner dobäi.

E grousse Merci geet un d'Gemengenaarbechter, déi mat hirer wäertvoller Hëllef dëse Projet ënnerstëtzt hunn.











# Gesundes Frühstück







# Die magische Lesenacht

### C3 MIXTE

Unsere Lesenacht fand am 23. Januar 2026 in der Angsber Schule statt. Sie begann um 18:00 Uhr. Wir gingen in die Turnhalle, um Turnmatten zu besorgen. Wir fingen an uns in getrennten Räumen einzurichten. Dann gingen die Mädchen rüber zu den Jungs, um die ersten Kapitel unseres Buches „Die magische Lesenacht" zu lesen. Gegen 19 Uhr aßen wir im Eingangsbereich der Schule Spaghetti mit Soße und zum Nachtisch gab es Kuchen. Nach dem Essen spielten wir Verstecken in der ganzen Schule. Das war sehr spannend, da wir die ganze Schule für uns alleine hatten. Dann lasen wir unser Buch weiter. Am späten Abend zogen wir unsere Pyjamas an und putzten uns die Zähne. Gegen 22:30 Uhr gingen wir schlafen. Die ganze Nacht hat jemand geschnarcht.

Am Morgen frühstückten wir im Pyjama. Es gab Brötchen und Gemüse. Dann machten wir uns fertig, um nach Hause zu gehen. Die meisten Kinder waren traurig, weil die Lesenacht so schnell vorbei war.

Alex, Lara, Melanie, Raian

*Interviews von: Alexis, Matilda, Lior und Léini*











# Besuch bei der Feuerwehr





Am letzten Freitag, dem 23. Januar, waren wir bei der Feuerwehr in Schoos zu Besuch. Wir haben unter anderem gelernt wie man die Feuerwehr ruft und was man am Telefon sagen muss. Zusätzlich haben wie gesehen, welches Material die Rettungskräfte transportieren und mitnehmen müssen: sie müssen zum Beispiel viele Rucksäcke tragen. Schlussendlich haben wir uns noch das Löschfahrzeug von Schoos angeschaut. Es war ein sehr interessanter Nachmittag und wir sind sehr dankbar für die vielen freiwilligen Helfer.

Antoine, Leana, Francisco und Varya







# Fuesent











# Visite Pompjeeë

## E FLOTTE MOIEN BEI DE POMPJEEË FËSCHBECH ZU SCHOUS




Viru kuerzem hate mir als Crèche d'Geleeënheet, d'Pompjeeë zu Schous ze besichen – en Erliefnis, dat de Kanner nach laang am Kapp bleiwe wäert.

Mir hunn eis zesummen op de Wee gemaach an si gemittlech bis bei d'Pompjeeë getrëppelt. Schonn um Wee war d'Opreegung grouss, well jidderee gespaant war, wat eis do erwaart.

Ukoum bei de Pompjeeë, dierften d'Kanner als éischt de Pompjeescamion ukucken. De Chef de Centre, de Lucien Karier, zesumme mam Liz Karier an dem Buergermeeschter Luss Brosius, hunn de Kanner op eng ganz einfach a verständlech Aart erkläert, wéi esou e Camion funktionéiert a wat d'Pompjeeën alles maachen. D'Kanner hunn interesséiert nogelauschtert an haten och d'Méiglechkeet, Froen ze stellen.

Besonnesch vill Spaass haten d'Kanner bei enger klenger Aktivitéit: mat engem Schlauch duerften si probéieren, e Ping-Pong-Ball ofzeschéissen. Dobäi konnten si souguer e richtege Pompjees-Helm undoen – dat war fir vill ee vun de gréisste Momenter vum Moien!

Zum Ofschloss duerften d'Kanner sech nach an de Camion setzen – entweder hannert d'Steier oder hannen an de Won. Mat engem Walkie-Talkie an der Hand konnten si sech richteg wéi kleng Pompjeeën spieren.

Et war e gelongenen Ausfluch, bei deem d'Kanner vill geléiert an nach méi gelacht hunn.

E grousse Merci un d'Pompjeeën Fëschbech fir hiren häerzlechen Empfang an déi flott Erklärungen!

Team "Am Kuebenascht"







# Zesummekomme vun de Generatiounen

Zënter 2023 kooperéiere mir mam Centre de Jour zu Luerentzweiler.

Mir hunn schon vill zesumme mat de Senioren erlieft: virstelle vun Geschichten mam Kamishibai a flott Bicher, baken, gemeinsam Ausflich op de Bauerenhaff, Bastelangeboter a villes méi.



Fir Oueschteren hate mir ee méi grousst Angebot. Fir d'éischt ware mir mat der Crèche am Centre de Jour, fir Eeër ze fierwen. Dozou hu mir eng nei Technik benotzt: Schlagsahn, Liewensmëttelfaarf a Reis. Dës Aktivitéit huet och am Centre de Jour fir Ofwiesslung gesuergt, well d'Senioren d'Méiglechkeet haten, d'Eeër op eng ganz aner Aart a Weis ze gestalten.

Zwee Deeg méi spéit sinn d'Senioren bei eis an d'Crèche komm. Do hu mir zesummen eise Moieskrees gemaach an dono d'Eeër am Grupp gesicht.

Dës Zesummenaarbecht mat de Senioren bréngt béide Säiten vill Freed an Ofwiesslung.



Am Kader vun dëser intergenerationeller Aarbecht entwéckele d'Kanner sozial Kompetenzen, sie léieren Empathie, Gedold an Toleranz, a ginn fir en respektvollen Emgang tëscht de Generatioune sensibiliséiert.

Zousätzlech gëtt d'Sproochentwécklung duerch Gespréicher a gemeinsam Aktivitéiten Ënnerstëtzt. D'Kanner kréien d'Méiglechkeet, hiert Selbstvertrauen ze stäerken. Gläichzäiteg gëtt de Sënn fir Gemeinschaft, Zesummenhalt a géigesäiteg Hëllef gestäerkt.

Team "Am Kuebenascht"







# Besuch bei de Schof

D'Kanner aus der Maison Relais haten d'Geleeënheet d'Schof vum Här Tom Lucas ze besichen.

D'Kanner kruten een Abléck an d'Liewen an d'Aarbecht mat de Schof. Den Här Lucas huet de Kanner op eng verständlech a flott Aart a Weis erkläert, wéi Déiere versuergt ginn a wat si friessen a wéi al si ginn. Och Bedeitung vun der Woll gouf erkläert. D'Kanner hu geléiert, wéi d'Woll weider verschafft gëtt a wéi fréier op engem Spannrad geschafft gouf. Sie konnten d'Schof aus noer Distanz heemelen an déi kleng Lämmercher mat enger Fläsch Mëllech fidderen.

Zum Ofschloss krut all Kand e Stéck Woll mat Heem. Eng flott Erënnerung un dëse schéinen Nomëtteg.

E grousse Merci un den Här Tom Lucas fir dëse léierräichen a flotten Nomëtte bei de Schof.







# Capoeira

## MAISON RELAIS FIELS A FËSCHBECH





"Zesummen aktiv" esou heescht eise Sportsprojet, deen mir zesumme mat der Maison Relais Fiels organiséieren. Dëse Projet fënnt all Dënschdeg vu 14 bis 16 Auer am Hall Sportif Centre Filano an der Fiels statt. Fir datt de Projet attraktiv bleift, wiessele mir all 6 bis 8 Wochen d'Sportaart.

De Projet "Zesummen aktiv" leet grousse Wäert op Diversitéit, Inklusioun an d'Freed un der Beweegung. Dat erreeche mir duerch interessant a variéiert Aktivitéiten an duerch d'Zesummenaarbecht mat verschiddene Sportveräiner. Dës Veräiner bréngen vill Erfarung a Wëssen aus hirem Sport mat, dovunner kënnen d'Kanner staark profitéieren.

Momentan bidde mir all Dënschdeg vum 23. bis den 28. Abrëll Capoeira Coursen un. Dës 8 Sessioune gi geleet vum Sportsclub "Abada Capoeira Luxembourg".

Capoeira ass eng afro-brasilianesch Kampfkonscht, déi vill Kierperkontroll a Rhythmusgefill verlaangt a mat Musek begleet gëtt.

D'Kanner hunn net nëmme Kierperkontroll a Taktgefill geléiert, mee och Respekt, well dat am Capoeira e wichtegen Deel ass.

# Een Dag um Ierpeldenger Bauerenhaff

An der Fuesvakanz hate Kanner aus dem Cycle 1 Geleeënheet, e Bauerenhaff ze besichen. Fir vill vun hinne war et e flott Erliefnes, Deieren an d'Liewen um Bauerenhaff ganz no kennenzeléieren.

D'Kanner kruten e schéinen a kandgerecht Programm zesummegestallt. Si kruten déi neidesch Erklärungen an hunn dobäi vill iwwer d'Liewe vun de Kéi, den Hénger an de Schof geléiert a goufe gewuer, wéi Déiere gefiddert ginn a wat si friessen.

Besonnesch flott war, datt Kanner och selwer mat hëllefe konnten. Mat klenge Schubbkaren a Biesen hu si bei der Aarbecht um Bauerenhaff matgehollef. Donieft konnten d'Kanner am Hee spillen an haten och vill Spaass domat op klengen Trakteren ze fueren.



Als Iwwerraschung kruten d'Kanner nach eng kleng Schockelasmëllech, déi si als Kaddo mat Heem konnten huelen.

De Besuch um Bauerenhaff war fir d'Kanner eng schéin a léierräich Erfarung.





# Sortie op d'Äispist

**Den 18. Februar hu mir eng Sortie op d'Äispist zu Beefort mat de Kanner aus dem Cycle 2-4 organiséiert.**





Am Bus hunn sech d'Kanner drop gefreet unzekommen, souwuel fir z'iesse wéi och fir Schlittschong ze fueren. Ier mir an de Restaurant gaange sinn, hu mir nach op der Spillplaz gespillt. Mir hate vill Gléck: d'Sonn huet geschéngt an et war net ze kal.

D'Kanner haten hiert Iesse schonn erausgesicht: e puer hunn Nuggets mat Fritte geholl, an anerer eng Pizza.

No dësem gudden Iessen si mir op d'Äispist gaangen. E puer Kanner waren am Ufank e bëssen onsécher, mee si konnten op d'Educatricen an hir Kolleegen zielen, déi si begleet a berouegt hunn. Ganz séier huet jiddereen u Sécherheet gewonnen: e puer si matenee gefuer, anerer sinn Hand an Hand gefuer.



No e puer Ronne gouf eng Paus gemaach, fir eppes ze drénken, eis auszerouen an e puer Fotoen ze maachen.

No e puer weidere Ronne war et schonn Zäit, d'Schlittschong zeréckzeginn an sech fir de Retour prett ze maachen.

Ier mir fort sinn, konnten d'Kanner nach e waarmt Gedrénks bei engem klenge Stand nieft der Pist huelen, wéi zum Beispill waarmen Äppeljus oder waarme Friichtejus. Duerno, wärend si op de Bus gewaart hunn, hunn si nach op der Spillplaz gespillt.

Um Wee zeréck hunn d'Kanner eis gesot, datt si dës Sortie immens flott fonnt hunn an datt si se gär nach eng Kéier géife maachen. D'Middegkeet huet sech séier bemierkbar gemaach, an e puer hunn am Bus souguer e bëssen d'Aen zougemaach.

# 1 Millioun an 2 Affären

**THEATERVERÄIN FËSCHBECH-SCHOUS-ANGSBREG**

**24/25/30/31.01.2026 SCHOUS**







Mam Theatherstéck "1 Millioun an 2 Affären" konnt den Theaterveräin Enn Januar nees Leit begeeschteren.



# Generalversammlung

**APEF**

**13.10.2025 ANGELSBIERG**

D'Generalversammlung vun der Eltereveréenegung huet den 13.10.2025, direkt am Uschloss vun de Wale vun den Elterevertrieder, stattfonnt. Zu dësem Zäitpunkt hunn d'Catherine Trausch, Sekretärin an d'Caroline Jonette, Keesière, hire Récktrëtt aus dem Comité matgedeelt. Mir soen hinnen nach eemol e ganz grouss Merci fir hiert Engagement an alles wat si di lescht Joren am Kader vun der APEF ëmgesat hunn.

Am Dezember 2025 huet sech dunn en neie Comité opgestallt, mam Didier Claes als Präsident, dem Fabienne Theisen als Sekretärin an dem Pol Daems als Keesier.

apef
Eltereveréenegung Fëschbech

Mir freeën eis iwwert all déi Memberen, déi eis erhale bliwwe sinn, an eis scho beim Liesmoien an der Ouschtereeërsich tatkräfteg ënnert d'Ärem gegraff hunn. Op dëser Plaz wëlle mir awer och en Opruff maachen, dass mir all Ënnerstëtzung kenne gebrauchen, beim Plangen oder der Ëmsetzung vun eisen Aktivitéiten (z.B. Ouschtereeërsich, Schoulfest...).

Mellt iech bei eis op info@apef.mobi wann dir wëllt Member ginn an de Kanner wéiderhin esou flott Aktivitéite wëllt ubidden.

Mierkt Iech elo schonns den Datum vun eisem Summerfest "Eng Zäitrees duerch de Schoulhaff" - Freides, den 10 Juni 2026.



# Lies a Spillmoien

**APEF** **25.01.2026 ANGELSBIERG**

Den 25. Januar huet d'Elterevereenegung nees hiren Liesmoien fir d'Kanner vum Précoce bis an de Cycle 4.2 organiséiert. Dëst Joer stoung d'Evenement ënnert enger besonnesch flotter Zesummenaarbecht mat der Maison Relais. Si huet net nëmmen hir Raimlechkeeten zur Verfügung gestallt, mee och d'Geleeënheet genotzt, fir de Kanner hir Ludothéik virzestellen.

Well d'Elterevereenegung gären mat nationale Auteuren zesummeschafft, huet d'Mierscher Lieshaus decidéiert dëst Joer d'Initiativ z'ënnerstëtzen. Op dëser Plaz soe mir hinnen nach eng Kéier e ganz grousse Merci fir hiren Engagement.




Moies um 9 Auer hu sech ronn 50 Kanner am Iesssall vun der Maison Relais afonnt. An enger gemittlecher Atmosphär konnten d'Kanner an d'Welt vun de Geschichten andauchen. Eng Grupp huet der Liesung vum Chris Welscher sengem Buch „E gudd Wuert fir de Kueb" gelauschtert. Duerno konnten d'Kanner zesumme mat der Autrice an engem flotte Bastelatelier kreativ ginn an allerlee Saachen ronderëm de Kueb molen a bastelen.

Déi aner Grupp war faszinéiert vum Marc Weydert sengem „KrixKrax", deen d'Kanner mat vill Humor an Fantasie an eng spannend Geschicht matgeholl huet.





No de Liesunge konnten d'Kanner déi nei Ludothéik entdecken, zesumme spillen an hir Bicher vun den Auteuren ënnerschreiwe loossen – e besonnesche Moment fir déi vill kleng a grouss Liesraten.

E grousse Merci geet un d'Maison Relais fir d'Zesummenaarbecht, un d'Mierscher Lieshaus, un d'Gemeng fir d'Ënnerstëtzung an un d'Librairie Zimmer, déi et de Kanner erméiglecht huet, d'Bicher vun den Auteuren – an och vill flott Spiller – direkt no der Liesung mat heem ze huelen.

D'Recetten, déi d'Elterevereenegung während dësem flotte Moie gesammelt huet, ginn integral a Form vu Spiller un d'Ludothéik vun der Maison Relais gespent, fir datt d'Kanner och an Zukunft vill Spaass beim Spillen an Entdecken hunn.

De Liesmoien war och dëst Joer erëm e grousse Succès an huet gewisen, wéi vill Freed Bicher a Geschichten de Kanner kënne bréngen.

Hei nach ee puer Andréck vun de Kanner:

"Mir huet d'Geschicht a Bastelen dono gutt gefall."

"Nom Liesen hunn ech nach an der Ludothéik ee Spill gespillt. Dono hunn ech mir ee Spill ausgeléint fir doheem ze spillen."

"Krixkrax huet mir gutt gefall, an ech hunn mir ee Buch do kaaft."

"Ech hun d'Geschicht vum Kueb gelauschtert an hunn dono zesummen mat menger Mamm ee Kueb gemolt."

Mir, vun der Ludothéik soen der Elterevereenegung ee groussen MERCI fir den Don fir eis Kuebespillkëscht. D'Freed um Spille kann sou weiderhi mat Frënn a Famill gedeelt ginn.

Fotoen: Tom Lucas
Text: Sabrina Schröder







# Liichtmessdag

**02.02.2026**

## ANGELSBIERG





## FËSCHBECH









## SCHOUS





# Gutt gefëllte Weekend

**AMICALE POMPJEEË** **6-8.02.2026 SCHOUS**



De Weekend vum 6. bis den 8. Februar 2026 hat d'Amicale Pompjeeë Gemeng Fëschbech asbl e gutt gefëllte Programm.

De Freidegowend gouf mat der uerdentlecher Generalversammlung am Pompjeesbau zu Schous ageleet. De President Luss Brosius konnt vill Memberen an der Versammlung begréissen, mee och Vertrieder vum Schäffen- a Gemengerot souwéi vun der Pompjeesfederatioun Regioun Oste waren der Invitatioun nokomm.



Aus dem Rapport vum Sekretär ass ervirgaangen, datt am Joer 2025 eng ganze Rëtsch Aktivitéiten organiséiert goufen an datt d'Memberen un de offizielle Manifestatioune vun der Gemeng deelgeholl hunn. Doduerch konnt d'Amicale och de Gemengesubside ufroen. De Chef vum CIS a Sekretär vun der Amicale, Lucien Karier, huet der Amicale fir hir wäertvoll Ënnerstëtzung Merci gesot a gläichzäiteg déi nei Statuten am Kader vun der Grënnung vun enger ASBL virgestallt.

Am Schlusswuert huet de Schäffe Laurent Schiltz déi geleeschten Aarbecht vun allen Aktive gelueft a sech am Numm vun der Gemeng bei de Pompjeeë fir hiren Asaz bedankt.









Als Ofschloss vum Owend sinn d'Memberen zesumme mat hire Partner op de Beelenhaff bei Jonglënster e gudde Maufel iesse gaangen.

De Samschdeg Mëtteg huet een sech schonn nees getraff, fir déi néideg Virbereedunge fir den nächsten Dag ze treffen, well de Sonndeg Mëtteg stoung den traditionelle Kannerfuesbal am Veräinshaus op der Héicht um Programm. D'Clowne Pol a Georges hunn och dëst Joer nees fir vill Laachen, Spiller a gutt Stëmmung bei Kleng a Grouss gesuergt.



# Heeschen

**12.02.2026**

## ANGELSBIERG





## SCHOUS



# Hexebal

**CDJ** **13.02.2026 SCHOUS**










*Fotoen: Eldoradio*



# Buergbrennen

**21-22.02.2026**

## FËSCHBECH







## SCHOUS





## ANGELSBIERG



# 20 Joer Senioreveräin an Generalversammlung

**SENIOREVERÄIN** **15.03.2026 SCHOUS**

De 15. Mäerz 2026 huet eise Veräin säin 20.järegt Jubiläum gefeiert. De Senioreveräin ass den 12. Mäerz 2006 gegrënnt ginn no der Opléisung vun der Amiperas-Sektioun. Gläichzäiteg hu mir och eis alljärlech Generalversammlung ofgehalen. No der Begréissung vun der Presidentin Marie-Louise Haas, ass de Keesebericht vun der Caissière Sylvie Spiewak an den Aktivitéitsbericht vun der Sekretärin Marie-Anne Kauffmann aus dem leschte Joer virgedroe ginn. Ausserdeem huet eis Marie-Anne e Réckbléck vun deenen 20 Joer Senioreveräin gemaach. Eise Buergermeeschter Luss Brosius huet och e puer Wieder un d'Versammlung geriicht. Dann war et um Chorus vun Osper, ënner der Leedung vum Claude Reckinger, deen eis mat flotter italieenescher Musik verwinnt huet. No der Versammlung ass eis eng Assiette garnie zerwéiert ginn, selbstverständlech mat Dessert. Als Kaddo hunn eis Memberen eng Bretzel kritt, eng Traditioun fir Bretzelsonndeg. Duerfir bis nächst Joer.

Marie-Louise Haas-Erpelding










# Albinusfeier


**22.03.2026 ANGELSBIERG**













# Generalversammlung

**CHORALE FËSCHBECH-ANGELSBIERG-SCHOUS** **27.03.2026 SCHOUS**



De 27.ten Mäerz 2026 huet Chorale hier Generalversammlung am Veräinshaus ob der Héicht ofgehalen. De President Hubert Lanckohr konnt de Buergermeeschter Lucien Brosius an den 2.ten Schäffe Laurent Schiltz begréissen. Vum Klerus war de Paschtouer Jacob Zeillinger bei eis komm.

De Sekretär Huet René huet d'Aktivitéite vun der Chorale vir gedroen. 69 mol ware Sängerinnen a Sänger lescht Joer ugetrueden, bei 32 Massen, 27 Prouwen, 2 Hämmelsmarsch sangen a 7 aner Aktivitéiten.



De Caissier Claude Malget konnt é positive Bilan virdroen, de vun de Caisserevisore kontrolléiert a vun de Membere vun der Chorale ugeholl ginn ass.

De Buergermeeschter huet der Chorale Merci gesot vir hiren Asaz, net nëmme bei de Masse mee och dass Chorale déi all Traditiounen nach oprecht erhält. Gemeng wäert de Veräin och weider ënnerstëtzen. De Jacob Zeillinger huet Chorale gelueft fir déi schéi gesanglech Gestaltung vun de Massen awer och fir den Zesummenhalt vum Veräin.

No der fräier Ausspróch huet Chorale ob é gemittlecht Zesummen si mat der Chorale vu Rolleng agelueden.

René Huet





# Generalversammlung

**CDJ** **28.03.2026 ANGELSBIERG**



# Choucroute

**SPUERVERÄIN** **29.03.2026 SCHOUS**





Den 29. Mäerz 2026 huet de Spuerveräin "En Apel fir den Duscht" seng traditionell Choucroute garnie zerwéiert. Ronn 200 Leit hunn de Wee op Schous fonnt gehat. De Menu huet hinnen esou gutt geschmaacht, dass Sie och nächst Joer erëmkommen. Duerfir bis 2027.

Sekretärin Marie-Louise Haas-Erpelding



# Mir gi klibberen

**02.04.2026 FËSCHBECH**



# Ouschterfeier

**AMICALE POMPJEEË** **04.04.2026 FËSCHBECH**



Um Ouschtersamschdeg huet d'Amicale Pompjeeë Gemeng Fëschbech virun der Ouschternuechtsmass, d'Ouschterfeier organiséiert.



# Ouschtereeërsich 2026

**APEF** **12.04.2026 ANGELSBIERG**

Well Ouschteren dëst Joer matzen an d'Schoulvakanz gefall ass, huet d'Elterevereenegung hir traditionell Ouschtereeërsich net um Ouschtersonndeg, mee eréischt de Sonndeg dono, den 12. Abrëll, organiséiert.

Trotz dem frësche Wieder hunn sech ronn 60 Kanner – vun der Crèche bis an de Cycle 4.2 – zesumme mat hiren Elteren op dësem kale Sonndegmoie versammelt, fir ronderëm d'Angsber Schoul op d'Sich nom gëllenen Ee ze goen. D'Stëmmung war gutt, an d'Motivatioun grouss.

Et huet och net laang gedauert, bis dat gëllent Ee fonnt gouf. No e bësse méi wéi enger Stonn hat all Kand seng sechs faarweg Eeër fonnt. Als klenge Kaddo krut all Kand e Becher vun der APEF mat Schockela an engem gefierften Ee.

Dat gëllent Ee gouf zousätzlech mat engem Bong belount, dee vun der Librairie Zimmer gesponsert gouf.

E grousse Merci geet un all déi, déi gehollef hunn, dëse flotte Moien ze organiséieren an zu engem schéinen Erliefnis fir déi Kleng gemaach hunn.

Fotoen: Tom Lucas






WAT WAR LASS ?

53

# Club des Jeunes

De Club des Jeunes huet sech déi läscht Méint ganz aktiv um Gemengeliewe bedeelegt. Mir hunn am Dezember eng aktiv Adventsfënster organiséiert, Chëschtbeemecher un d'Leit an eiser Gemeng veredelt an hunn de Kleeschen duerch d'Gemeng begleet. Dat neit Joer hu mir wei all Joer mat eisem legendären Hexebal am Februar gestartet a sinn nach de selwechte Weekend op der Dikrecher Kavalkade mat eisem Nopeschveräin dem Club des Jeunes Chruchten, matgefuer.

Weider ass et du mam Buergbrennen an der grousser Botz, Enn Februar an Ufank Mäerz, gaangen. Am Mee freeë mir eis nees drop den 1. Mee ee Meekranz ze bannen an dono fir Christi Himmelfaart um Landjugenddaag deelzehuelen.
















**ADMINISTRATION**
**COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**De lundi à jeudi de 08h30 à 11h30**
**et les jeudis aussi de 14h00 à 18h00**
**les autres après-midi: uniquement sur rendez-vous**
**Vendredi fermé**
**Tél: 32 70 84 - 1**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**
collège@acfischbach.lu
Bourgmestre: Luss BROSIUS — 32 70 84 - 24
luss.brosius@acfischbach.lu
1. Échevin: Daniel MOURA
dan.moura@acfischbach.lu
2. Échevin: Laurent SCHILTZ
laurent.schiltz@acfischbach.lu

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**
secretariat@acfischbach.lu
Viviane HEUSKIN — 32 70 84 - 42
viviane.heuskin@acfischbach.lu
Daniel HOTTUA — 32 70 84 - 20
daniel.hottua@acfischbach.lu

**BUREAU DE LA POPULATION**
population@acfischbach.lu
Joana FERREIRA — 32 70 84 - 26
joana.ferreira@acfischbach.lu
Serge HOFFMANN — 32 70 84 - 21
serge.hoffmann@acfischbach.lu

**RECETTE COMMUNALE**
recette@acfischbach.lu
Michèle SCHOLTES — 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu

**SERVICE TECHNIQUE**
technique@acfischbach.lu
Paul DECKER — 32 70 84 - 28
paul.decker@acfischbach.lu
Marc LAUX — 32 70 84 - 22
marc.laux@acfischbach.lu

**SERVICE FORESTIER**
Olivier MOLITOR — 87 96 49
olivier.molitor@anf.etat.lu






# NATIONALFEIERDAG

## 22. Juni 2026

19h15 Rendez-Vous am Haff vum Gemengenhaus zu Fëschbech

19h20 Depart vum Cortège

19h30 Te Deum an der Fëschber Kierch mat uschléissender Gedenkzeremonie beim Monument fir d'Affer vum Éischten an Zweete Weltkrich

20h15 Veräinshaus zu Schous

Offiziell Usproch vum Buergermeeschter
"Ons Heemecht"
Éierungen

Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt

D'Awunner aus der Gemeng si gebieden op Nationalfeierdag de Lëtzebuerger Fändel rauszehänken

en français
auf Deutsch
in English